



9. 6186 - **Projet de loi portant approbation des Amendements aux Annexes II et III de la Convention de Paris du 22 septembre 1992 pour la protection du milieu marin de l'Atlantique du Nord-Est (OSPAR) relatifs au stockage des flux de dioxyde de carbone dans les formations géologiques, adoptés lors de la réunion de la Commission OSPAR, qui s'est tenue à Oostende (Belgique) du 25 au 29 juin 2007**

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister.

Mat deem virleiende Gesetzesprojet sollen d'Amendementer zu der Annex II an der Annex III vun der OSPAR-Konventioun ugeholl ginn. Dës Konventioun behandelt d'Protektioun vun der Biodiversitéit an der Ëmwelt am Nordost-Atlantik. Si ass eng Suite vun hiren zwou Virgängerkonventiounen, der Oslo-Konventioun aus dem Joer 1972, der sougenannter OSCOM, an der Paräis-Konventioun aus dem Joer 1974, der PARCOM.

D'OSPAR-Konventioun ass den 22. September 1992 ugeholl ginn an de 25. Mäerz am Joer 1998 a Kraaft getrueden. Lëtzebuerg huet d'Konventioun duerch d'Gesetz vum 8. September 1979 (*veuille lire 1997*) approuvéiert.

An der OSPAR-Konventioun si wuel 16 Länner engagéiert, déi allegueren eng Küst um Nordost-Atlantik hunn oder on-mëttelbar droustoussen, wéi d'Schwäiz an och Lëtzebuerg. Eist Land ass iwwer seng Flëss mat dem Atlantik verbonnen, duerfir musse mir alles ënnerhuelen, dass keng

gëfteg Substanzen iwwer eis Baachen a Flëss an d'Mier kommen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Mir wëssen awer, wéi schwéier mir eis domat heiansdo dinn.

D'OSPAR-Konventioun enthält fënnf Annexen, déi d'Protektioun vum Nordost-Atlantik an de Mëttelpunkt stellen. Dës Konventioun reit sech an d'Gedankewelt vun der Rio-Konferenz aus dem Joer 1992, an hei am Speziellen der Konventioun fir d'Erhale vun der Biodiversitéit. Si ass fir alles zoustänneg, wat an d'Nordséi respektiv an den Nordost-Atlantik ageleet, versenkt oder op soss eng Aart a Weis abruecht gëtt.

Dozou gehéieren zum Beispill och de Bau vun Aerduechbuerinselen, d'Abrénge vu gëftege Substanzen aus den Industriebetriber oder Schëffer wéi och d'Opriichte vun den Offshore-Wandparken.

(Interruption)

Et ass jo mëttlerweil bekannt, dass sech de Klimawissel net nëmmen op d'Atmosphär an de Buedem auswierkt, mä och op d'Waasser an domat och op déi verschidden Ozeanen. D'Erwärmung vum Mier, an domat d'Erhéije vum Mieresniveau an d'Versauerung si sichtbar Konsequenze vun enger net nohalteger Wirtschaft. Dat alles strapazéiert d'Déieren- an Planzewelt am Mier iwwert d'Grenzen eraus. De Verloscht vun der Biodiversitéit ass eng direkt Folleg.

Op der Réunioun vun der OSPAR-Konventioun zu Ostende vum 25. bis 27. Juni am Joer 2007 stoung d'Aleedung an d'Oflagerung vun dem Kuelendioxid, engem Dräifhausgas, an déi geologesch Schichte vun dem Mier am Mëttelpunkt vun den Diskussiounen. Dës Technologie, CCS genannt, soll et erlaben, deen aus de Kraaftwierker an den Industriebetriber austriedende Kuelendioxid ze fänken, ze cap-

téieren an ënner héijem Drock an déi ënnerierdesch Gestengsformatiounen eranzepressen. Do soll en da permanent iwwer e ganz laangen Zäitraum stockéiert ginn a net méi mat der Ëmwelt a Verbindung triede kënnen.

Mëttlerweil ginn och schonn déi éischt Versich um Terrain probéiert, esou zum Beispill am Kuelekraaftwierk „Schwarz Pompel“ an der Lausitz, wou en an den Aerdubuedem eragedréckt gëtt. Méi no bei eis, an der Lorraine, wëllt e grouse Stolproduzent de Kuelendioxid an eng Salzsäure an 1.000 bis 2.000 Meter Déift erapressen. Nach lafen d'Ënnersichungen. De Berechnunge vun der „Boston Consulting Group“ no misste ronn 500 Milliarden Euro bis 2030 an dës Technologie am Beräich vun der Stromproduktioun an de Kuelekraaftwierker investéiert ginn.

Kuckt ee sech den Undeel vu ronn 48% vun der Kuel an der weltwäiter Stromproduktioun un, da kann ee sech virstellen, wéi vill Kuelendioxid hei ufält.

Et soll hei och drop higewise ginn, dass awer scho momentan aner Fuerschungen vun der Fixatioun vum Kuelendioxid an der Planzewelt ëmmer méi Friichte weisen. Doriwwer eraus bericht och dës Woch d'ETH vun Zürich iwwer nei Fuerschungen am Beräich vun der Ubannung vum Kuelendioxid. Si entwéckelen hei op der Universitéit Materialien, déi de Kuelendioxid direkt aus der Atmosphär erausfilteren a festbannen, an déi benéidegt Energie dofir gëtt mat der Solarenergie gewonnen.

Während hirer Réunioun zu Ostende sinn d'Amendementer zu der Annex II an Annex III ugeholl ginn. Et gëtt eendeiteg hei verlaangt, dass et nëmmen zur Oflagerung vu Kuelendioxid an de geologesche Couchéi kennt an net an d'Mierwaasser selwer, well do wier eng erhéichte Versauerung eng direkt Folleg.

De Kuelendioxid dierf nëmmen dann an de Gestengsformatiounen stockéiert ginn,

wa séchergestallt ass, dass et zu kengen negativen Konsequenzen op d'Mieresëmwelt an en aval op d'Gesondheet vun de Mënsche kennt. Et gëtt festgehalen, dass nëmme Kuelendioxid stockéiert a keng aner schiedlech Gase mat bäibemengt dierfe ginn. De Stockage muss permanent sinn an ënner gréisster Sécherheet, dat heescht ouni Gefor fir d'Ëmwelt, oflafen.


Et soll hei awer och nach dann drop higewise ginn, dass zënter där Réunioun vun Ostende nach weider Schrëtt ënnerholl si ginn. An der europäescher Direktiv 2009/31 gëtt kloer definéiert, wellech Autorisatiounen virleie mussen, fir de Kuelendioxid ënnerierdesch ofzelagere. Och gëtt definéiert, wat fir eng Qualitéit déi ënnerierdesch biologesch Formatiounen mussen hunn, a wien d'Surveillance vun dem Site duerchféieren dierf.

An deem Zesummenhang huet d'Regierung e Règlement grand-ducal am Mee vun dësem Joer ugeholl, wou sech mat dem Stockage vu Kuelendioxid aus de Grousskraaftwierker mat enger elektrescher Leeschtung mat méi wéi 300 MW beschäftegt gëtt.

Op hirer leschter Konferenz zu Bergen a Norwegen am September dës Joer hunn d'Ministère vun den OSPAR-Länner sech kloer derfir ausgeschwat, dass alles ënnerholl muss ginn, fir dass et zu kengen negativen Aflëss op d'Fauna an d'Flora an dem Nordost-Atlantik kommen dierf. Lëtzebuerg huet wuel nëmmen en indirekten Zougang zum Nordost-Atlantik, mä als Member vun der OSPAR si mir opgeruff, dës Amendementer unzehuelen.

Mat dësen Detailer zum Gesetzesprojet ginn ech och dann den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschten.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis. Als éischte Riedner ass den Har Eugène Berger age-droen.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op **www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

**Discussion générale**

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wëll och direkt dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Ech wëilt och nach eng Kéier drun erënneren, datt déi OSPAR-Konventioun, déi huet als Haaptzil, fir de Mieresmilieu am Nordost-Atlantik ze schützen, an ech muss soen, dat ass en Uleies, datt d'DP och ka voll ënnerstëtzen. Mir hunn zwar als Lëtzebuerg kee Mier, mä mir sinn och concernéiert doduerjer, datt mer d'Musel, déi an de Rhäin leeft an duerno an d'Nordséi, datt mer also do awer och e Lien hunn an eben och da mat an der OSPAR-Konventioun figuréieren.

D'Zil also vun där OSPAR-Konventioun ass de Schutz vum „milieu marin“, mä et schéngt mer awer net kohärent mat deem Amendement, dee mer dann elo hei solle stëmmen, wou et ëm de Captage an de Stockage vun CO₂ ënner, um Mieresbuedem oder ënnert dem Mieresbuedem geet. Dës sougenannte CCS-Technologie sinn éischstens emol weéng erprouft. Et sinn also nach eng ganz Rei Risiken do.

An déi ganz Technologien, fir den CO₂ ënnert dem Buedem, ech soen emol ze verstoppen, ass och net kohärent mat den allgemenge Bestriewungen am Klimaschutz. Well d'Zil am Klimaschutz ass, fir CO₂ insgesamt ze reduzéieren. An hei mussen also d'Efforté gemaach ginn!

Ech erënneren och drun, datt jo elo an dësen Deeg d'international Klimaschutzkonferenz zu Cancún a Mexiko ass, wou also do weider dru geschafft gëtt. An do muss een also d'Efforten drop konzentréieren, CO₂ ze reduzéieren, an net einfach nach méi CO₂ ze produzéieren, an dann eben ze kucken, fir dat iergendwou, ënnert dem Mier zum Beispill, ze versenken an dann den Teppesch driwwer ze leeën, mat all deene Risikoen, déi déi Technologien och mat beinhalten.

Mir haten als Demokratesch Partei an eise Wahlprogramm och kloer Positioun bezunn. Mir hu kee Versteesdemech fir déi CCS-Technologien. A mir betounen och do, datt mer sollen Efforté maachen, fir CO₂ ze reduzéieren. Dat ass de richtige Klimaschutz, an net eben, fir dat Ganzt ënnert dem Buedem ze vergruewen.

Dat ass och d'Ursaach, Här President, firwat meng Fraktioun sech wäert hei bei dësem Projet enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Ben Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen emol als Éischt dem Marcel Oberweis Merci fir säi gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Lëtzebuerg ass Member vun där OSPAR-Konventioun, well et iwwert d'Musel zum Anzuchsgebiet vum Rhäin gehéiert. Och wa mir keng Küst hunn an nëmmen indirekt beträff sinn, si mir awer opgefuerdert, d'Amendementer zu zwou Annexe vun der Konventioun ze ratifizéieren.

An der EU hu mir schonn eng Direktiv, déi de Stockage vun CO₂ am Buedem regelt. An de Considérantë vun der Direktiv gëtt de Stockage vum CO₂ als Iwwergangstechnologie bezechent, déi soll hëllefen, de Klimawandel ofzeschwächen. Am gläichen Otemzuch gëtt festgehalten, dass dës technesch Méiglechkeet net däerf als Usporn gesi ginn, fir Kraaftwierker auszebauen, déi fossil Energiequellen notzen. Dat ass a mengen Aen e ganz wichtige Punkt.

D'OSPAR-Konventioun huet de Schutz vum Mier respektiv vum Nordost-Atlantik als Zil a beschäftegt sech dofir net mat der Reduktioun vum CO₂. Soubal mir vum Stockage vum CO₂ schwätzen, muss awer kloer sinn, dass dat allerwichtigst Zil vun dem Klimaschutz d'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen ass a bleift.

Wa mir als Chamber den Amendementer zu den Annexe vun der OSPAR-Konventioun zoustëmmen, bedeit dat net, dass mir de Stockage vun CO₂ fir onproblematesch halen. An och net, dass mir doran eng Zauberformel gesinn, fir eis Problemer

ze léisen. Trotzdeem ass et wichteg, dass eng rechtlech Basis geschaf gëtt, déi d'Entwécklung vun dëser Technologie encaféiert, a méiglechst streng Norme festleet, déi de Schutz vun der Ëmwelt an der Gesondheet garantéieren.

An deem Sënn ginn ech dann och elo den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Scheuer. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och déi gréng Fraktioun wäert dës Projet net stëmmen, an zwar aus enger Rei Ursaachen.

Éischstens si mer der Meenung, dass nach vill Onsécherheete bei der Technologie vun CO₂-Späicherung existéieren, fir se elo schonn op industrieller Basis och nach ganz déif an de Mierer ze applizéieren. Fir eis ass dat do en ongedeckte Scheck fir d'Zukunft, ähnlech wéi dee vun der Atomindustrie.

Dir musst lech einfach am Mond zergoe loosse, wann ee bedenkt, dass mer elo scho 40, 45 Joer Atomzentralen hunn, an nach ëmmer, Här President, nach ëmmer gëtt et weltwäit keng Léisung fir Atommüll! Dee franséischen, deen trëllt iergendwou a Russland op enger Deponie. Wat déi Däitsch mat hirem maachen, dat kréie mer jo heiansdo gewisen, wann den Zuch aus Frankräich hin an hier fiert. Dat musst Der lech virstellen: Do ass e Fliger gestart op engem Flughafen, an dee Flughafen, wou de Fliger soll ukommen, deen ass bis haut nach net gebaut!

An hei ass et e bëssen ähnlech. Hei hunn e puer Leit entdeckt, dass hei ganz vill Geld ze verdéngen ass mat enger neier Späichertechnologie. Si kënnen déi Minnen, déi se fréier eidel gemaach hunn, elo vläicht erëm voll maachen. Hei sinn erëm e puer Zauberlehrlingen amgaang ze zauberen. A mir fäerten, dat do wäert gradesou schif ausgoen, wéi bei aneren Techniken.

Et ass e bëssen, jo, wann et net esou schlëmm wier, misst ee bal driwwer laachen, dass dann an deem Kontext hei d'Uelechbuerungen an der Nordséi a soss anzwousch erwähnt ginn. Wéi fest mer déi am Grëff hunn, dat hu mer jo viru kuerzem vu BP am Golf vu Mexiko gewise kritt! Also, mir géifen op jiddwer Fall do virdu warnen, fir elo schonn d'Dier esou wäit opzemaachen, fir iwwerall mat där Technik do ëmzegoen. Et ass nach guer net gekläert, wéi dat soll vir sech goen, iwwer wäit Strecken ze transportéieren. An et ass keen, dee weess, wéi een dann derfir suergt, dass déi Entlagerung och sécher ass.

Mir sinn och der Meenung, dass dat hei u sech eng Technik ass, déi per se net nohalteg ass. Well fir eis heescht nohalteg, dass dës Generatioun keng Décisiounen hält, wou se deenen nächste Generatiounen kee Choix méi léisst, fir hir Décisiounen ze huelen. Dat ass esou bei der Atomenergie, dat ass och hei. An duerfir ass dat äusserst problematesch, wat do amgaang ass ze geschéien.

Zweet Ursaach, firwat mer net frou si mat deem Wee, deen do gaange gëtt. Mir sinn der Meenung, dass dat do alt erëm e weidere Virwand ass, fir net genuch an aner Beräicher vun der Klimaschutzpolitik ze maachen. Wann ee bedenkt, dass nach aner Zauberlehrlingen amgaang si sech virzustellen, dass mer solle Schwefel an ech weess net wat an d'Welt bloen, fir dass e bësse manner Sonnenenergie erfökent! Wat loosse mer eis net alles afalen, fir dass mer näischt mussen un eise iwwerméisseg Liewensstil änneren! Hei ass e weidere Virwand.

Wat awer kee Mënsch derbäi seet, dass, wann een déi Technik hei u Kuelekraaftwierker uschlëisst, da falen déi mat hirer Effizienz an d'50er Joren zrëck! Da brénge se nëmme méi 35% Produktivitéit, amplaz dass se awer haut scho bei iwwer 45 sinn. Dat schwätzt keen. Et ass eigentlech pervers, dass mer eng Technik, déi mer weiderentwéckelt hunn, mat där heiter Tech-

nik erëm an d'50er Joren zrëckschrauwen! Wann ee bedenkt, dass eng gutt Cogeneration op d'mannst 75, heiansdo souguer 80% vu Wierkungsgrad huet, dann ass dat do d'Zukunft net.

An déi drëtt Ursaach, firwat mer dat hei net stëmmen, well mer fäerten, an dat ass schonn amgaang ze geschéien, dass dat alt erëm eng Technik ass, déi ganz vill Geld, ganz vill Fuerschungsgelder weltwäit, och vun der Europäescher Unioun unzitt, an déi sinn da verluer fir Recherche an aner Beräicher. Wann een emol géif, vläicht zéng oder 15 Joer, och nëmmen e Brochdeel vun de Fuerschungsgelder an d'alternativ Energie stiechen, déi mer all déi Joren an d'Atomenergie, a vläicht deemnächst an déi hei Technik géife maachen, da géife mer ganz séier weiderkommen. Duerfir mengen ech, dass dat hei och an deem Sënn net glécklech ass.

Wéi séier mer op där anerer Säit awer och weiderkommen an den alternativen Energien, dat kann ee gesinn eleng un enger Präisentwécklung. Wann ech lech soen, dass mer zu Biekerech 2008 am Dezember nach eng Fotovoltaikanlag vun 30 Kilowatt op enger Holzhackschnitzelanlag opgeriicht hunn, do huet de Kilowatt nach 5.000 Euro kascht. Ech hu viru kuerzem mat eise Leit geschwat: Déi neiste Präisser um Maart sinn 2.500 Euro. Dat heescht, do gesitt Der, do si mer am Beräich vun der Économie d'échelle, souguer schonn an der Fotovoltaik. An dräi Joer sinn d'Präisser ëm d'Halschent gefall!

Elo kommen d'Chineesen op de Marché. Et sinn aner Leit, déi do aklammen. Dat sinn d'Marchée vun der Zukunft, an d'Technik vun den alternativen Energien ass eigentlech do. A wa mer e bësse Geld géifen an d'Fuerschung stiechen, da géifen déi Produktivitéitsgewënner, déi mer brauchen, vill méi séier kommen.

Dat ass eis Visioun vun der Zukunft: Net weiderhin CO₂ ausstoussen an dann deenen nächste Generatiounen et an iergendwellechen eidele Grouwen oder ënnert dem Mieresbuedem ze hannerloossen. Dat ass net esou, wéi mir eis d'Zukunft virstellen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, ech wäert mech enthalten aus deeneselwechte Grënn, déi scho vum Här Gira a vum Här Berger genannt gi sinn. CO₂ ze stockéieren ass net d'Solutioun. CO₂ ze reduzéieren ass d'Solutioun. Et besteet souguer d'Gefor, dass een do eng Schäindier opmécht, an domadder d'Bereetschaft, fir aner Weeër ze goe fir d'Reduktioun, ofhëlt.

Ofgesinn dovunner sinn ech äusserst skeptesch, wat d'Sécherheet betrëfft. Et gëtt keng absolut Sécherheet. An deem dote Beräich net, esou och, wéi den Här Gira et gesot huet, esou wéi et se och beim Atommüll net gëtt, c'est le moins qu'on puisse dire!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Da kritt den delegéierten Nohaltegkeetsminister, den Här Marco Schank, d'Wuert.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Jo. Merci, Här President. Ech wollt fir d'Éischt dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir säin detailléierte Rapport. An da wollt ech soen, datt et bei den Amendementer fir d'Annexen net drëm geet, fir alles méiglech ze maachen, mä datt et virun allem och drëm geet, fir der OSPAR d'Méiglechkeet ze ginn, an hirer Aktioun weiderzefueren, wat de Miereschutz ubelaangt, souwuel an der Nordséi wéi am Nordost-Atlantik, an eben datt mer déi Viraussetzung schafen, datt dee Stockage ka mat méiglechst vill Ëmweltschutz geschéien.

Wat elo den CCS selwer ubelaangt - de Ben Scheuer huet et gesot -, natierlech soll een do eng ganz gesond Skepsis hunn. Mä ech wëll lech awer soen, wat déi Technologie ubelaangt, déi ass, wann ech international Ofkommen kucken, wann ech déi kucke vun der Organisation maritime in-

ternationale, vun der OMI, do hu mir 2006 eng Kéier Jo gesot. An ech muss och soen, datt dat gemaach gëtt.

Nach sinn ech der Meenung, datt een, wéi gesot, eng gesond Skepsis soll hunn, datt dat och net d'Léisung ass vun eise Problemer, fir géint de Klimawandel ze wirken. Ech mengen, bei dem CCS muss de Principe de précaution ugewannt sinn. Dat ass, mengen ech, ganz, ganz wichteg.

A wa mer vu Laangzäitsécherheet schwätzen, do ass bei mir och eng gewësse Schell, déi ugeet. Net fir näischt ass och virdrun de Lien gemaach gi mat dem Stockage vun Atomoffäll, obwuel dat nach eng aner Qualitéit ass. Nichtsdestotrotz mussen mir a wëlle mir och als Regierung do an deem, wat mat där Technologie weider geschitt, wéi gesot, eng gesond Skepsis walte loosse.

Ech sinn och gär bereet, datt mer eng Kéier méi detailléiert doriwwer schwätzen. Ech mengen, datt elo déi Amendementer vun deenen Annexen, déi mer haut unhuelen, net d'Plaz wäeren, fir dat ze maachen. Ech sinn awer ganz gäre bereet, datt mer op déi Diskussioun zrëckkommen. Duerfir och Merci deenen anere fir déi verschidden Diskussionsbäitrag.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6186 ass ugehall mat 39 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen a 17 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Clement), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Projet de loi fir haut, den 6192 iwwert den Handel mat Robbeprodukter. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.